

Apréil 2018

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIIONSBLAT VUN DER CSV DIDDELENG



EDITO **D'CSV Diddeleng – eng staark Equipe am Gemengerot**

D'CSV gestärkt am Gemengerot

Bei de Gemengewahlen am Oktober 2017 gouf d'CSV-Fraktioun gutt verstärkt. E Plus vu 4% vun de Stëmme (vun 18,9% op 22,9%) huet eis 2 zousätzlech Mandater abruecht.

D'CSV krut souvill Lëschtstëmme wéi nach ni, awer och eis dräi „al“ Conseillere (Michèle Kayser-Wengler, Jean-Paul Gangler a Jean-Paul Friedrich) hu vill perséinlech Stëmme derbäi kritt, en Zeechen dass d'Politik aus de leschte Joren ënnert dem Motto „Konstruktiv Oppositionspolitik mat Bëss“ Uklang bei de Wieler fonnt huet.

D'Sylvie Andrigh-Duval, eis Deputéiert, huet als „alen“ Hues nees direkt de Sprong an de Gemengerot gepackt, a

mam Claude Martini, eise motivéierte Youngster, ass eis Fraktioun elo gutt verstärkt ginn.

D'Diddelenger LSAP huet Fiedere gelooss: si huet 3,6% u Stëmme verluer, konnt awer hir Sëtz am Gemengerot halen, a mat 50,3 % vun de Stëmme hir absolut Majoritéit ganz knapp verdedegen.

D'Schäfferotserklärung : gutt Iddien aus dem CSV- Wahlprogramm.

Vill vun der CSV hire Fuerderungen, déi mer jorelaang am Gemengerot widderholl hunn, sinn an der Schäfferotserklärung erëmzefannen:

- De „Late-Night-Bus“ fiert och elo all Freideg an all Samsdeg Owend aus der Stad op Diddeleng,

- eis Kantine ginn opgemaach fir d'Kanner aus de Précoce-Klassen,

- e „Ruffbus“ gëtt zu Diddeleng ageféiert...

... en Zeechen, dass een och aus der Opposition eraus Eppes bewierke kann, wann ee mat Bëss u sengen Iddie festhält, se ëmmer nees virstellt, erkläert an derhannert bleift.

Awer och vill Proposen aus der CSV hirem Wahlprogramm fanne mer an der Schäfferotserklärung erëm:

- Aféiere vun engem Pedibus,
- Ausbilde vu Schülerlotsen,
- Schafe vun Zone 30 bei alle Schoulen
- Weiderféiere vun der Renovatioun vun der Fassad vun der Kierch,
- D'Iddi vum Train-Tram soll sérioux an Erwägung gezu ginn, ... etc ...



Jean-Paul Friedrich, Michèle Kayser-Wengler, Claude Martini, Jean-Paul Gangler, Sylvie Andrich-Duval

Schäfferotserklärung : Näischt Neies ! Al Projeten nei opgewiermt ?

An der Schäfferotserklärung sti vill Projeten dran, déi scho vum Gemengerot approuvéiert gouwen, an och schonn ugelaft sin : d’Bildungshaus Lenkeschléi, d’Crèche an der Neier Struktur am Quartier Italien, d’Renovatioun vum Haus Petit ...

Schäfferotserklärung : keng Visiounen ?

Leider feelt et an eisen An u wierklech neien Iddien a Visiounen.

- Eis feelt eng kloer Ausso zu de Projete fir Diddeleng am

Kulturjoer 2022. - De Quartier NeiSchmelz ass deen eenzeggen Zukunftsprojekt, dee bezuelbare Wunraum wäert schafen. Awer d’Initiativ kënnst hei leider net vun der Gemeng, mee vum Fonds de Logement.


- Mir vermessen och eng kloer Ausso iwwert d’Zukunft vum Diddelenger Spidol, oder iwwer d’Schafe vun enger Industriezon fir Kleng- a Mëttelbetriber...

Mee mir hoffen, dass am Laf vun de Joren nach weider Iddien vun der CSV vum LSAP-Schäfferot opgegraff ginn, an dass virun allem elo mol déi Iddien, déi mer hei ugesprach hunn, ëmgesat

ginn.

Et ass elo um Schäfferot ze beweisen, dass et hinnen eescht gemengt ass, wann s’explizit wëllen op Dialog a Respekt setzen, wéi s’et an der Schäfferotserklärung geschriwwen hunn: si wëllen d’Propose vun alle Conseillere ophuelen an och der Oppositioun hir Iddien sériéis analyséieren, fir konstruktiv mat alle Parteien zesummen ze schaffen.

D’Fraktioun CSV Diddeleng - mir si prett fir eis konstruktiv a mat Bëss, fir Diddeleng anzesetzen!



Flexi-Bus - firwat huet d'CSV-Diddeleng sech beim Vote enthal?


Zanter Jore fuerdert d'CSV-Diddeleng e Ruffbus fir eis Stad. An eisem Wahlprogramm war dat och en Uleies. Am Februar 2018 léisst den LSAP-Schäfferot iwwert eng Tarif-Festsetzung ofstëmmen a féiert domat de Projet „Flexi-Bus“ an. Am Virfeld gouf et keen Austausch mat deenen anere Parteien am Gemengerot, keng Diskussioun iwert d'Konzept an d'Objektiver. Den LSAP-Schäfferot huet alt nees eng Decisioun hannert zouenen Diere geholl, an huet erwaart, dass all Parteien hir Propos einfach esou duerchwénken. Ofgesi vun dësem ondemokratesche Virgoe kritiséiert d'CSV deen aktuelle „Flexi-Bus“, deem mir eng aner Nues ginn hätten:

- „Eise“ Ruffbus wär net nëmme limitéiert gewiescht fir Bierger iwwer 60 Joer. Leit mat enger lichter Géibehënnerung oder mat Krätschen, Eltere mat Kannerkutschen, awer och Kanner, déi op den Training oder an d'Musekschoul fueren, sollten de Ruffbus kënnen benotzen.

- Kanner wiere gratis mat „eistem“ Ruffbus gefuer.

- Supermarchéen an den Nopeschgemengen oder de Baumaart zu Beetebuerg hätten och missen ugefuer ginn.

Dat Alles ass am Konzept vum „Flexi-Bus“ net erlaabt. Well fir eis e Ruffbus soll *fir Jiddereen* do sinn, huet d'CSV-Diddeleng den LSAP-Modell vum „Flexi-Bus“ net matgestëmmt.



VERSION FRANÇAISE

Une version condensée en français de cette publication peut être consultée sur notre site

Neischmelz an de PAG ageschriwwen



Am Gemengerot vum 29. Abrëll 2018 gouf den allgemenge Bebauungsplang vun der Stad Diddeleng (**P**lan d'**A**ménagement **G**énéral) emgeännert, fir deen neie Quartier "NeiSchmelz" opzehuelen. Domat ass de Wee opgemat gi fir do e ganz neie Quartier entstoen ze loossen, mat 1000 neien, bezuelbare Wunnéngen, mat Plaz fir Klengbetriber, mat Schoul/Maison-Relais, Sportskomplex, Buttiker, Dingschtleeschtingsbetriber,... an eventuell der nationaler Filmindustrie...

De Quartier soll CO₂-neutral a wäitgehend autofräi ginn.

Parallèll dozou gouf awer och en Inventaire presentéiert vun den historesche Gebailechkeeten, déi als Patrimoine industriel sollen erhale ginn. De Projet gesäit vier, dass déi Gebaier sollen harmonesch an de Quartier mat agebonne ginn.

E stellt dann awer och eng Verbindung tëschent de Quartiere Schmelz a Kleng-Italien hier, déi iwwert 100 Joer duerch d'Schmelz an duerno d'Frichen net méiglech war.

D'CSV huet déi Emännerung matgestëmmt, well se ausser dem bezuelbare Wunnraum ganz vill Potential fir en attraktive Quartier an eng Revalorisatioun vum Zentrum vun Diddeleng duerstellt.

Mir hunn awer och mam Fanger op e potentiellt Verkéiersproblem gewisen, wann an e puer Joer ganz vill Autoen an Neischmelz eran oder vun do fortfuere, fir sech an de Beruffstrafik anzereien, zousätzlech zu där Blechlawinn, déi Lenkeschlei ausstéisst. Um Kräizbiere kéint et dann enk ginn...

Mee loosse mer elo mol d'Plange vun Neischmelz ulafen...

Mir soe MERCI !

Bei de Gemengewahle vum 8. Oktober 2017 huet d'CSV-Diddeleng exzellent ofgeschnidden. Als eenzeg Partei hu mir zolitt u Stëmme bäigeluecht.

Diddeleng huet méttlerweil méi wéi 20.000 Awunner, dofir gouf de Gemengerot vu 17 op 19 Conseillere erweidert, an déi 2 zousätzlech Mandater sinn un d'CSV gaangen.

D'CSV-Diddeleng ass besonnesch houfreg, dass mir souvill Lëschtstëmme wéi nach ni kritt hun. Dat ass en Zeechen, dass net nëmmen eise Wahlprogramm, mee och eis staark Equipe vun 19 Kandidaten de Wieler gutt gefall huet. Mir waren als Team an d'Wahle gaang an hunn als Team des Wahle gewonnen. Am Numm vun der ganzer Equipe soe mir allen Diddelenger Wieler VILLMOLS MERCI, déi der CSV-Diddeleng hir Stëmm gin hunn.



Merci fir Är moralesch a finanziell Ënnerstëtzung. D'CSV-Diddeleng wäert och weiderhin eng engagéiert Politik mat de Bierger, fir d'Bierger a fir Diddeleng maachen.